

Här Fernand Etgen



FRAKTION

Ministère de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural, 8
Référence: 373/2021
25 MAI 2021
A traiter par:

President vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 21. Mee 2021

Här President,

Esou ewéi den Artikel 83 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch un ~~Madamm-Gesondheetsminister~~ <sup>Copie a.</sup> an un den Här Landwirtschaftsminister lweider ze leeden.

Den Industrie-Hanf ass eng Notz-Planz aus där een ënnerschiddlech Produite kann herstellen. Zënter méi wei 25 Joer gëtt den Hanf och zu Lëtzebuerg ugebaut. Et gëtt och Cannabidiol - CBD - aus de Bléie vum Hanf produzéiert deem ënnert anerem eng entzündungshemmend Wirkung no gesot gëtt. De CBD gëtt vill an Drëpseform genotzt. Wat de CBD méi konzentréiert ass wat och den THC-Gehalt am Produit méi eropgeet. Sou duerf den erlaabten THC-Gehalt an engem CBD-Produkt just 0,3 Prozent duerstellen, an anere Länner wei der Schwäiz läit dës Wäert bei 1 Prozent. Duerch dësen niddrege Grenzwäert kenne verschidde Produite bei eis am Land net produzéiert ginn.

An dësem Kontext géif ech gäre folgend Fro un d'Regierung stellen

- Ass virgesinn de gesetzlech virgeschriwwene CBD-Gehalt an engem Produit an d'Lut ze setzen? Wa nee firwat net?

Um Niveau vum medezineschem Cannabis, wou de Staat 2018 e Pilotprojet lancéiert huet, gëtt de Cannabis a Kanada akaaft. Laut mengen Informatiounen wier et awer méiglech de Cannabis fir medezinesch Zwecker och zu Lëtzebuerg unzebauen an hierzestellen. Gutt geeegent fir den Ubau wieren ënnert anerem och Waasserschutzzonen.

An dësem Kontext géif ech gäre folgend Fro un d'Regierung stellen

- Ass Regierung gewillt den Ubau vu Cannabis fir medezineschem Zwecker hei am Land zouzeloossen a Produktioun ze ënnerstëtzen?
- Wei steet Regierung dem Ubau vu medezinesche Cannabis a Waasserschutzzone géigeniwwer?

Martine Hansen

Deputéiert



LE GOUVERNEMENT  
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG  
Ministère de la Santé

Dossier suivi par: CARRILHO CARDOSO Patrick  
Tel: 247 85512  
Email: patrick.carrilhocardoso@ms.etat.lu

Monsieur le Ministre  
aux Relations avec le Parlement  
Service central de Législation  
5, rue Plaetis  
L-2338 Luxembourg

Luxembourg, le 28 juin 2021

Réf. : 839x09ac4

**Concerne:** Question parlementaire n° 4342 du 21 mai 2021 de Madame la Députée Martine Hansen

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse commune de Monsieur le Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural et de la soussignée à la question parlementaire n° 4342 du 21 mai 2021 de Madame la Députée Martine Hansen concernant la "Composition du cannabidiol (CBD)".

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'assurance de ma considération très distinguée.

Pour la Ministre de la Santé,

Anne CALTEUX  
Premier Conseiller de Gouvernement





**Réponse commune de Madame la Ministre de la Santé et de Madame la Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural à la question parlementaire n° 4342 du 21 mai 2021 de Madame la Députée Martine Hansen concernant la "Composition du cannabidiol (CBD)"**

Ass virgesinn den gesetzlech virgeschriwwenen CBD-Gehalt an engem Produit an d'Lut ze setzen?  
Wa nee firwaat net?

Vu dass keng Limite um CBD-Gehalt gesetzlech festgeluegt ass, kann déi och nët gehuewen ginn.

Ass d'Regierung gewillt den Ubau vun Cannabis fir medizinesch Zwecker hei am Land zouzoulossen  
an d'Produktioun z'ënnerstëtzen?

Am Moment sinn d' Iwwerleeungen zu dësem Sujet nach ëmmer am gaangen an et ass nach keng endgültig Positioun festgehalen ginn.

Wéi steet d'Regierung dem Ubau vu medizinesche Cannabis a Wasserschutzzone géigeniwwer?

Vue datt am Moment nach d' Iwwerleeungen zum Ubau vum medezineschen Cannabis nach ëmmer am gaangen sinn, an nach keng endgültig Positioun festgehalen ginn ass, kann d' Regierung och nach keng definitiv Ausso zum Ubau vum medizineschen Cannabis an de Waasserschutzzonen maachen.